Hubert Hausemer

# Tsunami

Ech well haut nach eng keier e puer Gedanken zum Thema "Tsunami", also zur Flutkatastroph a Südostasien, virdroen, an zwar vun dräi Standpunkten aus.

Fir d'éischt den theologesche Point de vue. Et ass kloer, datt fir gleeweg Leit, mä och fir Ongleeweger, déi sech awer fir Relioun interesséieren, sou eng Katastroph Problemer opwerft, ähnlech wéi 1755 d'Äerdbiewe vu Lissabon, aus deem jo ë.a. dem Voltaire säi "Candide" ervirgoung. "Wo warst du, Gott?" huet esouguer d'Bildzeitung a grousse Buschtawen op seng Titelsäit geschriwwen. An dës rhetoresch Fro schéngt duerchaus berechtegt: manifesterweis huet Gott seng Geschëpfer, oder zumannst vill vun hinnen am Stach gelooss. Mä, sou eendeiteg ass déi Saach och erëm net: et huet een op der Televisioun méi wéi een héieren, dee Gott merci gesot huet, datt en hien a seng Famill gerett huet. Sou datt dee Gedanken, deen engem bei dëser Katastroph kënnt, net esou deen ass, Gott wier fort an absent, mä éischter, datt hien ongerecht ass: déi eng gi verschount, an déi aner kommen ëm oder dann awer geet et fir Memberen aus hirer Famill. Wéi gëtt een eens mat sou engem Gott?

En Ongleewegen huet natierlech dëse Problem net. Duefir stellt sech him eng aner béis Fro: wéi kann d'Liewen oder d'Natur, wéi den Herbert Grönemeyer sengt, sou "onfair" sinn? Dës Schwieregkeet kann hirersäits nëmmen ofgewiert ginn, wann ee ganz op Wäertuerteeler verzicht: Wat huet et och fir e Sënn ze soen, d'Welt wier ongerecht? Mä keng Wäerturteeler méi ze maachen, leeft leschten Enns drop eraus, datt alles egal an indifferent ass, also datt een alles hinhëllt, wéi et grad kënnt; da bleift engem allerdéngs, wann ee konsequent ass, absolut kee Grond méi, eppes fir oder géint den Zoustand vun der Welt oder der Mënschheet z'ënnerhuelen! Do froen ech mech, op et dann net besser ass, sech mat engem schwierege Gott erëmzeschloen, ass wéi dem mënschleche Misär einfach nozekucken.

**Solidaritéit muss deemno méi si wéi eng emotional Féiwerreaktioun: si muss dat sinn, wat een an der klassescher Moralphilosophie eng "Dugend" genannt huet, also eng dauerhaft aktiv Astellung an Haltung.**

Vum philosophesche Standpunkt aus stellt sech ë.a. natierlech d'Fro, wat fir eng Haltung a Reaktioun moralesch déi richteg ass am Fall vun dëser Katastroph. Do schéngt et eng einfach a spontan Äntwert ze ginn: Solidaritéit an Hëllef. Hei trëfft een awer op e klasseschen Awand, deen net nëmme vu griesgrämegen Nietzscheaner kënnt: ass z.B. spenden net a Wierklechkeet nëmmen de Versuch, fir sech an den Ae vun deenen Aneren mä och a sengen eegenen Aen, e gutt Gewëssen ze verschafen, ass et also eigentlech näischt aneres wéi ganz zolitten an heuchlereschen Egoismus?

Ech well net ofstreiden, datt dat duerchaus de Fall ka sinn, egal op bei ville Leit oder net. Mä ech fannen dës Entlarvungsmanie net iwwerzeegend: ass et dann net bei deene meeschte Leit éischter esou, datt wa si Misär gesinn, si spontan wëllen hëllefen, ouni sech laang dobäi opzehalen, hir eege Motivatioun z'analyséieren an ofzeweien? Ech gesinn awer ee ganz aneren Hoken, grad bei sou spontane Gesten: wa Solidaritéit vrun allem aus dem Bauch eraus geschitt, da riskéiert si ferm, onbestänneg an onausgewien ze sinn. A wann dann d'Medien no eng oder zwou Wochen d'Flemm hunn, nach weider iwwer den Ongléckfall ze beriichten, da fällt d'Hëllefsbereetschaft a sech zesummen wéi e Kéisssoufflé. Wa Solidaritéit net am Verstand an am Wëlle matverankert ass, da kann ee kee Verlooss op si hunn. Solidaritéit muss deemno méi si wéi eng emotional Féiwerreaktioun: si muss dat sinn, wat een an der klassescher Moralphilosophie eng "Dugend" genannt huet, also eng dauerhaft aktiv Astellung an Haltung. An eiser vu Medien, Biller a Sensatioune geprägter Gesellschaft ass dat awer e raren Artikel.

Vläicht muss ee sech un d'Politik wennen, mäin drëtte Standpunkt haut, fir eng kontinuéierlech solidaresch Relatioun mat Krisegebidder a beschiedegte Géigenden opzebauen. An déi éischt Nouvellen aus dem Feld vun der nationaler an internationaler Politik stëmmen een éischter optimistesch an dëser Hisiicht. Eng u sech philosophesch Iwwerleeung kënnt d'Politik dobäi uleeden a weider bréngen. A Punkto Tsunami ass nämlech bis elo bal aussschliesslech vu *Natur*katastroph geschwat ginn. Dat ass wuel net ganz falsch, mä féiert menger Usiicht no zu verkéierte Schlussfolgerungen, nämlech datt géint eng Naturkatastroph kee Kraut gewues wier.

Dat stëmmt awer net. Emmer méi sougenannt Naturkatastrophe sinn nämlech entweder hausgemaach: sou z.B. si vill Iwwerschwemmungen zréckzeféieren op iwwerdriwwwen Ofholzungen oder falsch Buedemreformen.

Politik huet jo och vill ze di mat Virausiicht. Dës kann an eisem Fall ouni weideres mat konkreter Hëllef verbonne ginn. Déi räich Länner, zu deene mir op alle Fall gehéieren, sollen natierlech deene Leit, déi elo liewen an am Misär sinn, hëllefen; mä si sollen hir Verantwortung och huele géintiwwer deenen zukünftege Generatiounen an ähnlech Katastrophen, wann och net vermeiden, dann trotzdem immens verklengeren hëllefen, z.B. doduerch, datt si sou e Fréiwarnsystem matfinanzéieren.

*Fräie Mikro um radio 100,7*